ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

D'Roll vum Handwierk an der Gesellschaft an notamment der entspriechender Beruffsausbildung souwéi d'Karriäre vum Handwierk am ëffentlechen Déngscht ass en Thema, wat zu Lëtzebuerg ëmmer rëm kontrovers diskutéiert gëtt.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi déi Decisioun motivéiert ass, fir eng Meeschterprüfung mat engem Diplôme de fin d'études secondaires/secondaires techniques / Diplome de technicien gläichzestellen, obwuel dem lëtzebuergeschem Qualifikationsrahmen no de Meeschtertitel um Niveau 5 agestuuft ass an den Diplôme de fin d'études secondaires/secondaires techniques / Diplôme de technicien jeeweils um Niveau 4 agestuuft ass?
2) Duerch den néien Accord mat der CGFP wou Karriär D1 a Karriär C1 gehuewe gëtt, fält fir déi Léit déi d' Meeschterprüfung hunn d'Prime vun 10 Punkten ewech. Gläichzäiteg gëtt d'Meeschterprüfung op de selwechten Niveau gesat wéi en Diplôme de fin d'études secondaires/secondaires techniques / Diplôme de technicien. Kann den Här Minister matdeelen, wéi hien déi laangfristeg Konsequenzen vun dëser Decisioun op d'Beruffsbild vum Handwierksmeeschter am ëffentlechen Déngscht beurteelt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten